

## Microsoft setzt d'Lëtzebuenger Sprooch an de Mëttelpunkt vu sengen Efforten am linguistesche Beräich

**Lëtzebuerg, Mëttwoch, de 9. Dezember 2020** – Microsoft annoncéiert haut eng Partnerschaft mam Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch fir nach méi eng komplett a präzis Aktualiséierung vun de Sproochmodüllen op Lëtzebuergesch unzebidden, dank den Open-Source-Date vum Lëtzebuenger Online Dictionnaire (LOD).

Dës Zesummenaarbecht verbessert d'Qualitéit vum Sproochediteur<sup>[1]</sup> op Lëtzebuergesch. Microsoft weist esou säi Wëlle fir d'sproochlech Diversitéit op der ganzer Welt ze respektéieren. Dës Aktualiséierung, déi vun haut u gratis verfügbar ass, reflektéiert och d'Engagement vu Microsoft fir e Kontext ze ënnerstëtzen, an deem d'Lëtzebuenger Sprooch am Grand-Duché ëmmer méi wichteg gëtt.

### Eng nach méi komplett a präzis Offer dank dem Lëtzebuenger Online Dictionary (LOD)

Am Kader vun der Entwécklung vun dësem neie Service huet Microsoft sech op d'Open-Source-Date gestützt, déi vum LOD proposéiert ginn. De Pak mat Sproochenaccessoire ka ganz einfach a gratis vun de Microsoft-Applikatiounen aus erofgeluede ginn<sup>[2]</sup>. De Service ass an den Applikatiounen, déi d'automatesch Kontroll vun der Orthografie benotzen, abegraff, souwéi an de Webversiounen vun Office 365 (inklusive Word, Excel, PowerPoint, Outlook a OneNote) an an der Browser-Extenssioun vum Editeur op [Edge](#) a [Chrome](#).

De Candi Carrera, Country Manager bei Microsoft Lëtzebuerg, freet sech iwwer dës Ukënnegung: *"Mir sinn immens frou, dass mir dank dëser Partnerschaft eng Verbesserung vun eisem Sproochmodüll kënnen ubidden an domat d'Lëtzebuenger Sprooch valoriséieren an d'Kultur, déi se verkierpert, verdeedegen. Dës Service op Lëtzebuergesch existéiert scho laang bei Microsoft, awer et huet eis wichteg geschéngt, dat nach méi ze valoriséieren andeems mir d'Qualitéit vum Inhalt mat den Open-Source-Date vum Lëtzebuenger Online Dictionnaire verbessern".*

*"Mir si frou, dass déi komplett Orthografie sou positiv ugeholl an akzeptéiert ginn ass an dass se dem LOD och eng zousätzlech Rigueur ginn huet",* erkläert de Luc Marteling, Direkter vum Zentrum fir d'Lëtzebuenger Sprooch. *"Ëmmer méi Leit benotzen den LOD, wat d'ëmmer méi grouss Popularitéit vun der Lëtzebuenger Sprooch ënnersträicht. Nützlich Instrumenter – wéi d'aktualiséiert Rechtschreifkorrektur am Microsoft Office 365 – ënnerstëtzen dësen Trend a sinn eng Äntwert op d'ëmmer méi grouss Nofro vun de Benotzer".*

### D'Begeeschterung fir d'Lëtzebuenger Sprooch gëtt ëmmer méi grouss

Eng Etüd iwwer d'Roll vun der Lëtzebuenger Sprooch an der Gesellschaft<sup>[3]</sup>, déi 2018 vum Educatiounsministère presentéiert gouf, weist, dass d'Lëtzebuenger Sprooch ëmmer méi als eng geschriwwen Sprooch an net nëmmen eng geschwate Sprooch ugesi gëtt an dass et déi gemeinsam Sprooch vun dräi Véierel vun der Bevëlkerung a 94 % vun de Jonken ass.

*"D'Roll vum Lëtzebuergesch an den ëffentleche Relatiounen gëtt ëmmer méi wichteg, esouwuel an der mëndlecher Kommunikatioun tëschent de Bierger an de Verwaltungen wéi och an den Institutiounen am Land",* ënnersträicht den Daniel Weiler, Direkter vum Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE). *"D'Aktualiséierung vun der Lëtzebuenger Rechtschreifkorrektur am Microsoft 365 ass en zousätzleche Bäitrag zu der Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch, ëmmer an engem méisproochegen Kontext, a mir si frou doriwwer".*

D'Wichtigkeet vun der Sprooch gouf viru kuerzem nach verstärkt, well d'geännert a kompletéiert Lëtzebuurger Schreifweis déi eenzeg Schreifweis ginn ass, déi zanter der Rentrée 2020 offiziell ass. Se bréngt eng Rei Virdeeler, wéi d'Klärung vu verschiddene Beräicher, déi virun net ofgedeckt waren. Se applizéiert och vill Reegelen op méi eng kloer a méi eng präzis Manéier, wat zu der Standardiséierung an der Vereinfachung vun de verschiddene Schreifweise gefouert huet. Och wann e puer vun de meescht benotzte Wieder och vun dëser Adaptatioun betraff waren, waren nëmmen 1,4 % vun den Ausdréck am Lëtzebuurger Online Dictionnaire lod.lu vun dësen Ännerunge betraff.

###

### **Iwwert Microsoft**

Microsoft (Nasdaq: "MSFT" @microsoft) erméiglecht d'digital Transformatioun am Zäitalter vun der intelligenter Cloud an der intelligenter Computerperipherie. Seng Missioun ass et, all Persoun an all Organisatioun d'Moyenen ze ginn, sech méi ambitiéis Ziler ze setzen.

### **Iwwer den Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch**

Den Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch (ZLS) gouf vum Gesetz fir d'Promotioun vun der Lëtzebuurger Sprooch vum 20. Juli 2018 gegrënnt. Dëst Gesetz gesäit eng Rei Moossname vir, déi d'Regierung am Mäerz 2017 am Kader vun der Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuurger Sprooch geholl huet. D'Zil ass, generell de Status vun der Lëtzebuurger Sprooch ze stäerken, d'Standardiséierung, d'Benotzung an d'Etüd vun der Lëtzebuurger Sprooch, souwéi d'Kultur an d'Léiere vun der Lëtzebuurger Sprooch ze fërderen. Den Zenter dréit zur Ëmsetzung vun der Regierungspolitik iwwer d'Lëtzebuurger Sprooch bäi. En handelt als Kontakt- an Informatiounspunkt a ka sech op eegen Initiativ oder op Ufro vun der Regierung mat Froen, déi mat der Lëtzebuurger Sprooch ze dinn hunn, befaassen.

### **Iwwer de Lëtzebuurger Online Dictionnaire**

De Lëtzebuurger Online Dictionnaire (LOD) ass en offiziellt Instrument fir d'lëtzebuergesch Sprooch ze dokumentéieren, dat hiren Ursprung am groussherzogleche Reglement vum 29. Juli 1999 huet, dat de Conseil fir d'Lëtzebuurger Sprooch gegrënnt huet. Eenzeg a senger Aart wat seng Ambitioun a seng Envergure an der aktueller lexikografescher Landschaft zu Lëtzebuerg ugeet, integréiert den LOD sech perfekt an de plurilinguale Kontext, dee charakteristesche fir de Grand-Duché ass.

### **Iwwer de Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE)**

De Centre de gestion informatique de l'éducation ass eng Administratioun-Ressource vum Educatiounsministère. De CGIE gouf vum Gesetz vum 13. Juni 2013 gegrënnt. D'Zil vum Centre ass d'Verbesserung vun de Prozeduren an d'Benotzung vun den IT-Ressourcë fir méi eng effikass Gestiou vun der Informatik an den Informatiounssystemer vum Educatiounsministère a fir den internen an externe Benotzer hiren Erwaardunge besser gerecht ze ginn.

[1] Den Editeur vu Microsoft ass en autonome Service, deen Iech et erlaabt, de beschte Schreifstil a méi wéi 20 Sproochen ze hunn, egal ob Dir e Word-Dokument oder eng E-Mail schreift oder ob enger Websäit wéi LinkedIn oder Facebook publizéiert. En ënnerstëtzt d'Benotzer op intelligent Aart a Weis mat Fonctiounen, déi hëllef, d'Orthografie, d'Grammaire an de Stil ze verbesseren. Dir fannt méi Informatiounen iwwer den Editeur direkt op der [Websäit vu Microsoft](#).

[2] D'Prozedur fir d'Sproochepäck erofzelueden an ze installéiere gëtt Schrëtt fir Schrëtt op der [Websäit vu Microsoft](#) erkläert.

[3] TNS Ilres, Educatiounsministère (2018), Évaluation du rôle de la langue luxembourgeoise dans la société.

### **Kontakt fir d'Press**

Jeremy Bossu (Edelman)

[jeremy.bossu@edelman.com](mailto:jeremy.bossu@edelman.com)

+32 473 499 567

Geen berichten meer ontvangen van ons? Klik [hier](#)  
Cliquez [ici](#) pour ne plus recevoir ces mails